N° 7647
Entrée le 22.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Zënter 2019 ass d'Vitesse op der Areler A6 bis bei d'Sortie Kierchbierg Moies zu de Spëtzenzäiten tëschent 6h45 an 9h15 op 90 Km/h limitéiert. Dem Mobilitéitsministere no sinn esou iwwert déi lescht véier Joer knapp 10 Prozent manner Accidenter geschitt. Allerdéngs "*mierkt een awer och, datt verschidden Automobilisten de System net verstinn an awer laanscht briederen, wann et kuerz geet an dann awer e puer honnert Meter méi wäit op d'Brems spréngt [sic].",* wéi et an engem RTL-Artikel vum Direkter vun der Stroossebauverwaltung heescht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi oft goufen, zënter der Aféierung vun der Vitessreduktioun zu de Spëtzestonnen, Vitesskontrollen op der A6 duerchgefouert?
   Wéi vill Kontrolle goufe punktuell (mobil Radaren) tëschent 6h45 an 9h15 gemaach?

2. Wéi vill Protokoller wéinst Geschwindegkeetsiwwerschreidunge goufen et zënter der Aféierung vun dëser Moossnam?
   Wéi vill vun deene Protokoller goufen tëschent 6h45 an 9h15 geschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten